Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 31. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

De rezenten Astuerz am Eisebunnstunnel tëscht Wëlwerwolz a Kautebaach werft eng Rei méi allgemeng Froen op, wat d'Sécherheet – notamment an den Tunnelen – vun eisem Eisebunnsreseau ugeet.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Vu datt een Zuch beim Duerchfuere vun engem Tunnel jo vill Vibratioune produzéiert: Hätt den Astuerz vum Tunnel tëscht Wëlwerwolz a Kautebaach och passéiere kënnen duerch d'Duerchfuere vun engem Zuch?
2. Sinn dem Här Minister weider Tunnelle bekannt, wou et zu engem änleche Virfall, ewéi deem uewe beschriwwenen, komme kann, respektiv, gedenkt de Mobilitéitsministère elo, all d'Tunnellen op hir Sécherheet iwwerpréiwen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten